International Theatre Institute ITI

World Organization for the Performing Arts

Message for World Theatre Day 2026 – 27 March

Auteur vum Message : Willem DAFOE, USA

Schauspiller, « Theater Maker »

Luxembourgish (Translation)

Theater – Meng Iwwerzeegungen a meng Erfarungen

Ech sinn en Acteur, deen haaptsächlech als Filmschauspiller bekannt ass, mä meng Wuerzele leien awer am Theater. Vun 1977 bis 2003 war ech Member vun der Wooster Group, wou mir eege Stécker am *Performing Garage* zu New York entwéckelt an opgefouert hunn, ier mir mat eise Produktiounen duerch d'ganz Welt getourt sinn. Ech hat och d'Geleeënheet, mat Regisseuren wéi dem Richard Foreman, dem Robert Wilson an dem Romeo Castellucci ze schaffen. Haut sinn ech de kënschtlereschen Direkter vun dem Biennale Teatro zu Venedeg.

Dës Ernennung, d'Entwécklungen an der Welt, an och mäi perséinleche Wonsch, erëm méi intensiv bei den Theater zeréckzekommen, hu meng Iwwerzeegung weider verstäerkt: Den Theater huet eng eenzegaarteg positiv Kraaft an eng fundamental Bedeitung.

A menge bescheidenen Ufankszäite bei der Wooster Group hu mir heiansdo nëmme ganz wéineg Publikum bei eise Virstellungen am Theater gehat. Et gouf souguer eng Reegel: Wann et méi Acteure wéi Spectateure géif ginn, dann annuléiere mir d'Virstellung.

Mä dat hu mir ni gemaach. Vill Membere vun der Compagnie waren net klassesch am Theater ausgebilt; si koumen aus verschiddene kënschtleresche Beräicher a sinn zesummekomm, fir Theater ze maachen. De Motto *"The show must go on"* war also net onbedéngt eise Mantra, an awer hu mir gefillt, datt mir eng Verantwortung vis-à-vis vun eisem Publikum haten, fir dëse Rendez-vous ëmmer anzehalen.

Dacks hu mir den Dag iwwer geprouft an owes dat Material als Work-in-Progress virgestallt.

Heiansdo hu mir Jore laang un engem Stéck geschafft, wärend mir eis duerch Tournéeë mat eelere Produktiounen iwwer Waasser gehalen hunn.

Fir mech war et heiansdo ermiddend, esou laang un engem Projet ze schaffen, an och d'Prouwe waren net ëmmer einfach, mee dës Virstellunge viru Publikum vun Aarbechten, déi sech eréischt am Entstoe befannen, waren ëmmer erëm spannend – och wann de Publikum vun Zäit zu Zäit e vernichtend Urteel iwwert eise Projet ofginn huet.

Genee dat huet mir awer bewosst gemaach, datt d'Präsenz vum Publikum – egal wéi kleng – dem Theater säi Sënn a säi Liewe gëtt. Wéi heescht et esou schéin op engem Schëld an enger Spillhal: *"You must be present to win."*

E kreativen Akt - deen zwar am Virfeld geplangt ass an dann trotzdeem meeschtens anescht ofleeft -, an Echtzäit mat aneren ze deelen, dat ass sonner Zweiwel eng vun de grousse Stäerkte vum Theater.

Op gesellschaftlechem a politeschem Plang war Theater villäicht nach ni esou wichteg wéi haut, fir eis selwer an d'Welt besser ze verstoen. Am Raum steet awer och dat, wat een dacks den *"Elefant am Raum"* nennt: nei Technologien a sozial Netzwierker. Si versprieche Verbindung, mee gläichzäiteg schéngen se d'Mënschen ëmmer méi ze fragmentéieren an ze isoléieren.

Ech selwer benotzen all Dag mäi Computer, och wann ech keng sozial Medien hunn. Ech hu souguer schonn no mir selwer gegoogelt a kënschtlech Intelligenz fir Informatioune consultéiert. Awer et misst ee blann sinn, fir net ze erkennen, datt de mënschleche Kontakt ëmmer méi duerch Relatioune mat Apparater ersat gëtt.

Och wann d'Technologie eis heiansdo gutt ënnerstëtze kann, bleift e fundamentale Probleem: Mir wëssen dacks net, mat wiem mer et do genau op deem aneren Enn vun der Leitung ze dinn hunn. Dat féiert zu enger Vertrauenskris a Bezuch op Wourecht a Realitéit. Den Internet ka sécher Froen opwerfen, awer e vermëttelt nëmme seelen dat Gefill vu Staunen, dat de Theater schafe kann – e Staunen, dat aus Opmierksamkeet, Engagement an enger spontaner Gemeinschaft vun deenen entsteet, déi an deem Moment present sinn.

Als Acteur an Theatermënsch bleiwen ech dofir fest vun der Kraaft vum Theater iwwerzeegt.

An enger Welt, déi ëmmer méi zerstridden, kontrolléiert a gewalttäteg ze gi schéngt, läit eis Erausfuerderung als Theaterleit doran, d'Korruptioun vum Theater ze verhënneren: Den Theater däerf net als reng kommerziellt Produkt, dat nëmme mat Oflenkung ënnerhale wëll, an och net als dréchent institutionellt Instrument, dat nëmmen Traditioune konservéiert, existéieren.

Villméi muss Theater seng eigentlech Stäerkt entfalen: Mënschen, Gemeinschaften a Kulturen ze verbannen – a virun allem Froen ze stellen, iwwer d'Richtung, an déi mir als Gesellschaft eis grad entwécklen.

Groussen Theater bedeit doriwwer eraus, eis Denkweis erauszefuerderen an eis dozou z'encouragéieren, eis virzestellen, wou mir als Gesellschaft wëllen higoen. Elo a fir d'Zukunft.

Mir si sozial Wiesen, biologesch drop ugeluecht, mat der Welt a Kontakt ze trieden. All eis Sënner sinn Diere fir dësen Echange. Nëmmen esou gewanne mir e méi e kloert Verständnis dofir, wee mir eigentlech sinn.

Duerch Sprooch, Beweegung, Zeenografie, spannend Geschichten an eng ganz eegen Ästhetik kann den Theater - als e Gesamtkonschtwierk - eis weisen, wat war, wat ass, a wat eis Welt kéint ginn.

Translated from English: Sascha Dahm / THEATER FEDERATIOUN - Luxembourg Centre of I.T.I.